JK Déi waren ëmmer gutt, mee dat ass e bëssen wéi mat der Gemeng. Wéi ech ugefaangen hunn, gouf et nach keng Elterevereenegung, mee zënter datt et déi gouf, war et oft deeselwéchte Problem: am Ufank, wann déi nei Leit ugefaangen hunn – „neue Besen kehren gut“ – dann hu se gemengt, si missten iergendeppes Neies maachen. Do ware vill Saachen derbäi, déi gutt waren, 't waren och Saachen derbäi, déi fir äis net onbedéngt direkt machbar waren oder vun äis e bëssen anescht gesi goufen, an dann huet dat een, zwee Trimesteren gedauert, bis dass een sech openee agependelt hat, an dann opeemol gong et. Et war meeschtens esou wéi iwwerall, wann déi eng Leit erëm opgehal hunn, wann ee gutt mat hinne gefuer ass, da koumen erëm Neier bäi, an déi Nei hunn da gemengt, si kënnten awer net an deem alen Traintrain virufueren a missten eppes

Neies maachen. A wann dann eng ganz nei Equipe kënn, da wëllen déi vu Grond op alles anescht maachen, dat ass heiandsdo schwieereg!

**D** *A mat de Schüler?*

JK Mat de Schüler si mer am Beschten eens ginn! Lo kënn et mer dacks vir, datt ech fréier Schüler begéinen, déi mech froen, Dir haalt awer keng Schoul méi? Vill vun hinnen kommen Der well mat hire Kanner an d'Schoul.

**D** *Goufen et och méi däischer Momenter?*

JK Momenter, wou ech gesot hätt, lo geheien ech d'Knéppelen bei d'Tromm, déi hat ech nie! Et huet een mol Saachen, wou owes vill Getelefonéiers ass, dat sinn dann oft Klenggekeeten an dann denkt een, dat do misst jo och méi einfach ze regele sinn, an da schléift ee vläicht nuets net sou gutt, mee et ass awer lo näischt, wat schlëmm gewiescht wäer, wat un engem geziert hätt.

AS Wat een awer vill mierkt, dat ass, heiandsdo si Saachen, déi wieren einfach ze regelen, wéi's Du seess, an oft léisst dann dat klärend Gespréich, wat néideg ass, ze wënschen iwwereg, dat kënn dann ëmmer relativ spéit. 'T ass da jiddereen verbrued am Ufank, bis dann eng Léisung fonnt gëtt.

**D** *A propos Gespréich, wéi war et mat den „social events“ an den Aktivitéiten ronderëm d'Schoul?*

JK Un d'Keelespillen mat de Bitburger Kollegen kann ech mech nach erënneren, wéi ech hei ugefaang hunn. Sou laang wéi d'LASEP besteet, war ech an der LASEP aktiv, an och vum éischte Schoulfest un war ech dobäi. Och béi all den Aktiounen, wéi Krëschtbeemercher sammelen an esou. Also: bei alle Saachen ëmmer dobäi!

AS Mir haten déi Zäit och schon esou e „comité de cogestion“, mee dat war awer méi sou e „faisant fonction“. De Jos huet eis heiandsdo e bëssen informéiert oder Saachen sou gesot, mee déi ganz Laascht vun der Aarbécht, déi huet hien awer gedroen.



**D** *Hu mer dann net grad deemols mam Jos méi Mataarbécht ageféiert?*

JK Wéi ech ugefaangen hunn, ass just den Delegéierten eléng an d'Schoulkommissioun gaang. Mir hunn dunn agefouert, datt aus all Gebai ee konnt mat dohinner kommen, och fir de Leit ze weisen, datt an der Schoulkommissioun keng Saache geschwat giffe ginn, déi keen dierft wëssen. Et war am Fong esou, datt mer Vertrieeder vun deene verschiddene Gebaier (Jongeschoul, Sauerwiss) mat an d'Kommissioun geholl hunn, fir datt se och selwer hir Problemer op den Dësch léie konnten, an et ass dobäi och no de Graden (Spillschoul, Énnergrad, Mëtzelgrad, Uewergrad, Spezialklass) gekuckt ginn. Mee mir haten awer kee sou Komitee wéi elo, wou een sech d'Aarbécht konnt opdeelen. Bei de Problemer, déi mer deemols haten, war och d'Opdeelung tëschent de Schoulen bei der Kierch an der Sauerwisschoul. Ee Jar war et esou, datt, wa mer den Zierkel geholl hätten a stur den Zuelen no de Kreess gezunn hätten, déi aus der Palaststroos vun niewent déer anerer Schoul hätte missen an d'Sauerwiss goen!

**D** *Wat fir Klassen has Du gewéinlech?*

JK Ech hat ëmmer déi Kleng oder de Mëtzelgrad (1., 2., 3., 4. Schouljar), an zwee Jar nëmmen Turnen, dat ass awer schons laang hier, dat war dat zweet, drétt Jar wéi ech hei war. Virun Dikrech war ech ee Jar zu Kehmen, an der Buerschter Gemeng. Du war nach eng Schoul zu Kehmen, wou ee mueres huet missen den Uewen umaachen!

**D** *Ass eigentlech an all déer Zäit am Schoulhalen Wesentlech changéiert?*

JK Also, fir mech ass et schwéier soen, ech mengen, et ass Wesentlech changéiert, mee mir hunn och wesentlech mat changéiert, an duerfir fällt et manner op. Wann een lo giff pang 30 Jar zrëck an dat anert vis-à-vis stellen, da giff engem Gewaltes opfalen. Et ass e bëssen, wéi wann séng eege Kanner grouss ginn, dat mierkt een och net, dat mierken nëmmen déi aner. Wann een all Dag dobäi war, ass et schwéier soen. Also, d'Kanner hu geännert, a mir hunn och geännert, d'Schoul huet geännert, et huet alles geännert, mee ech kënn net elo direkt soen, genau dat huet geännert. Ech kann och net

soen, d'Kanner si méi schlecht ginn, wéi se waren, mir sinn och anescht ginn. An dann, wéi ee jonk war, war ee sech net alles esou bewosst, mat der Verantwortung zum Beispill. Wann ee bedenkt, déi Krëschtbeemercher si mir hei mat engem Trakter sammele gefuer, drësseg Kanner hannen um Unhänger sëtzen, wann een dat haut bedenkt! Ulala! Do kënn mer frou sinn, datt déi Saachen ëmmer gutt ausgaange sinn.

AS Wat sech sou am Schoulhale geännert huet, dat mierkt een oft, wann ee sou Prüfungen vu virun zéng Joër a séngem Classeur erëmfënnt oder Saachen, déi ee virun zéng Joër gemaach huet, wou ee sech dann haut seet: ah tiens! Haut ass dat awer e bëssen anescht, haut kënn de dat do net méi su bréngen! An och am Schoulhalen selwer, mir halen alleguerten ganz aneschte Schoul wéi virun zéng Joër. Du muss der haut vill méi Saachen afale loossen, vill méi Ofwiesslung mat an d'Spill erabréngen, well ee wierklech och d'Gefill huet, no enger halwer Stonn, elo muss eppes Neits kommen, well soss sinn d'Schüler net méi mat! Dat ass eppes, wat



lues a lues komm ass, a wou mir eis och hu missen drunn upassen.

**D** *Et ass also méi stresseg ginn?*

JK Déi Zäit, wou een drun ass, ass een déi ganzen Zäit drun. Wann am September d'Schoul erëm ugeet, wann een déi éischt Deeg heemkënn, da falen d'Aën engem no der Taass Kaffi zou!

AS Wann ee sech de Schoulmeeschter nach viirstellt, deen do bei séngem Pult sëtzt, wann d'Kanner schreiwen, dat ass haut och net méi esou. Déi Momenter, wou een séng Rou huet a sech ka bei säi Pult sëtzen, déi sinn haut äusserst selten, well 't ass een iwverall amgang, e bësse mat der Geschierkëscht léns a riets anzegräifen.

**D** *Wéi gesitt Dir zwoe da lo den Iwwergang vum leschten Delegierten op den éischten Präsident vum neie Komitee?*

JK Den Aender huet lo méi d'Aarbécht, d'Schoul selwer ze organiséieren, an ech hat méi d'Aarbécht, fir tëschent den Enseignanten an der Gemeng ze verhandelen. Et war awer d'Gemeng, déi bal alles bestëmmt huet. Ech war do sou eng Aart Zwëschesprénger! Ech muss allerdéngs soen, datt mer meeschtens eng gutt Zesummenaarbécht haten mat Schoulkommissioun a Gemeng, a mir och matschwetze konnten bei Klassenopstellung a Budget.

AS De Jos war do schons dee Richtegen, eng Integratiounsfigur. Hien huet et ëmmer rëm an deene leschten zwanzeg Joër fäerdeg bruecht, de Lien mat deenen Neien, déi bäikomm sinn, hierzustellen. Dat huet hien immens gutt hikritt!

JK Mir mussen awer soen, am Laf vun der Zäit krute mir vill Matsproocherecht. Wa mer d'Klassen opgestallt hunn an eis gefrot hunn, maache mer 24 Klassen oder 25 Klassen, dann hu mir ëmmer eng Propose gemaach, dat ass net ëmmer direkt sou ugeholl ginn, weder op der Gemeng nach vum Inspekter, mee eis Viirschléi waren nie total iwverdrivven, a mir haten sou nie de Fall, datt mer guer net eens gi wäeren, oder datt, wann ech aus enger Schoulkommissioun oder

soss zréckkomm sinn, d'ganz Léierpersonal gesot hätt: sou geet et awer net, lo boykottéiere mir hei d'Gemeng! Et ass eigentlech wierklech ëmmer gutt gaang.

AS Jo, och mam Budget, wat an deene leschte Joren a Jorzéngten lues a lues opgebaut ginn ass, dat ass schons ganz anstänneg, a mir profitéieren och lo vun déer Viir-aarbécht, déi an de leschte Joren do gemaach ginn ass. Den Dialog tëscht Gemeng a Inspektorat a Schoul, dee funktionnéiert gutt hei. Et héiert een och alt mol sou Echoen vun anere Gemengen, wou et net sou reibungslos funktionnéiert huet.

JK Mir goufen öfters sou fir verschidde Saachen nawell gefrot. Wéi mer eis Permutatiounsreglement iwverschafft hunn, zum Beispill, oder mam fräie Samschdeg. Do ware mir bal Viirreider, an et si vill Gemengen ronderëm, déi hire Plang un äis ugepasst hunn.

**D** *Wéi ass et dann elo an déer neier Schoul mat der Roll vum Léierpersonal?*

AS Jo, an deem Schoulgesetz, wat jo wierklech och déck néideg war, do ass dat jo geännert ginn. De Jos ass am Fong geholl duerch e ganze Komitee ersat ginn, wann een sou wëllt.

N.B: Den zweeten Deel vun dësem Gespréich iwver d'Konsequenzen vum neie Schoulgesetz bréngt mer an déer nexter Nummer vum Däiwelselter.

**Den Interview gouf fir den Däiwelselter gefouert vum Robert Bohnert, säit 2006 (a vun 1976 bis 1993) Präsident vum der Dikricher Schoulkommissioun.**

## Regionale Tischtennismeisterschaften für den Norden

am 31.1.2010 in Diekirch



Bei diesem ersten Sportevent im Rahmen des 750. Jubiläums der Stadt Diekirch wurden Erinnerungen an vergangene Zeiten wach, wo auch in Diekirch ein sehr aktiver und erfolgreicher Tischtennisverein bestand. Organisiert wurde die mit 460 Einschreibungen in 13 Kategorien sehr gut besuchte Veranstaltung vom Tischtennisverein Gilsdorf mit der Unterstützung der Gemeinden Diekirch und Bettendorf. Das Finale in der stärksten Kategorie A/B0 gewann Gira Louis (DT Recken).

Besonders bei den jungen Sportlern kam der leckere Schokoesel als orgineller Jubiläums-Preis sehr gut an!



# Sportifs méritants 2009

D'Dikricher Gemeng iert hett den Owend hir Sportifs Méritants vum Jar 2009.

Wa mir un iwvver 130 Sportler a Sportlerinnen Diplomer kënnen iwverreechen, dann ass dat un ischter Plaz deenen aktive Sportler hire Verdéngst, a vun hei aus un si all eis härelichste Félicitatiounen.

Mä et ass awer och de Verdéngst vun deenen di si trainéieren, encadréieren oder hinnen di materiell Méiglechkeete an dat niddigt Emfeld verschafe, fir zu deene Resultater ze kommen.

Dofir vun hei aus och MERCI un hir Traineren un hir Elteren, d'Leit aus hire Comitéen, an d'Bénévolen aus hire Veräiner. Op eis Bénévole kommen ech herno nach eng Kéier zréck.

Den Effectiv an d'Resultater vun de Sportifs méritants senn e bëssen ee Spigelbild vun de Stärkten a Schwächten vun eiser Dikricher Sportswelt, och wann déi Sportswelt garantéiert aus mi Voleten besteet.

- 1) eise Spätzesportler déi mir herno dann och bei eisen Éierung rem-begéinen.
- 2) Dann de Sportler aus der 2.ter Rei wéi een dat am Sportsjargon seet.
- 3) Dann deenen di Sport einfach aus Spaass a fir hir Gesondheet maachen
- 4) An dann zum Schluss déi di eis Sportler betreien, eis Trainer a Bénévolen.

Weit iwer 100 Sportler kënnen mir eech herno virstellen, déi sief dat individuell oder als Equipe am Laf vum Jar 2009 d'Faarwe vun Dikrich uerchter d'Land, respektiv déi vu Lëtzebuerg iwvver d'Grenzen vum Land eraus liechte gedoen hunn.

A wa mer scho beim Stéchwurt iwvver d'Grenzen eraus sinn, do wollt ech fir d'éischt op déi Resultater kucken déi ausserhalb de Grenze vun Lëtzebuerg erreicht goufen.

Wat fir déi Grouss Länner d'Olympesch Spiller, si fir déi Kleng Länner vun eisem

Kontinent d'Spiller vun de klenge Staaten vun Europa. D'lescht Joer waren déi Spiller op Zypern. Mat sechs Athleten, alleguer an der Liichtathletik, war do d'Dikricher Sportswelt esou zahlreich vertrueden wéi nach ni virdrun.

Siewe Medailen hunn eis Athletinnen Pascale Schmoetten, Chantal Hayen, Martine Mellina a Laurence Thill am ganzen vu Nicosia mat heem bruecht: 3 Goldmedailen, 3 Selwermedailen an 1 Bronnzemedail.

No senger extrem gudder Performance op den Olympische Spiller zu Peking, (25. Plaz am Schlussklassement no enger Course déi eis all begeeschtert hat) huet den Triathlet Dirk Bockel och d'lest Joer rëm bei internationalen Top-Evenementer Spätzleestunge bruecht. Seng 2. Plaz zu Prag am Triathlon iwer déi laang Distanz, ass dat beschte Resultat dat je ee Lëtzebuenger Triathlet op enger Europameesterschaft erreicht huet. Mat senger 7. Plaz beim legendären Ironman zu Hawaii huet hien duerno Lëtzebuenger Sportgeschichte geschriwen. Op Grond vun dese Leestungen gouf den Dirk vun de Lëtzebuenger Sportjournalisten op déi 3. Plaz bei der Wiel vum Sportler vum Joer 2009 gewielt.

Och nach bei aneren sportlichen Top-Evenementer uechter d'Welt waren Dikricher Sportswelt derbäi an hunn, deels mat neien zolitte perséinliche Bestleeschungen, d'Erwaardungen déi een u si, op Grond vun de Selektionskriterien, konnt stellen, voll erfëllt. Zum Beispill bei Jeux de la francophonie zu Beirut am Libanon, European youth olympic festival zu Tampere a Finland, I.A.A.F. Jugendweltmeesterschaften zu Bressanone/Italien, Gymnasiade zu Doha am Qatar. World winter games vun de Special Olympics am Idaho an Amerika vu wou de Paul Della Schiawa an de Laurent Eischen 2 Gold-, 1 Selwer- an 2 Bronzemedaille mat op Dikrich bruecht hunn.

Zréck op Lëtzebuerg.

Iwer d'Zuel vu Sportifs méritants kënnen mir eis richtig freeën, well esu vill hate

mir der nach ni. D'Resultater vun Equipen dreiwelen déi Zuel natierlich an d'Luucht. Mee wa mir eis déi Lëscht mol ukucken, da fällt eis op datt um eewichten Niveau all Champions nationaux individuels an och par Équipes aus enger Sportaart der Liichtathletik an aus engem Veräin kommen.

Als Member vum CELTIC sinn ech stolz an houffrig drop, mee als Präsident vun der Entente wir ech awer och frou wann déi Zuel vun de Sportarten a Clibb mi gruss wir.

O.k. D'Liichtathletik ass, wéi awer och aner individuell Sportarten, méi multi-disziplinär, mee et muss een awer Éischte ginn an dee beschte sinn fir ee Championstitel ze kréien.

Eng aussergewöhnlich Performance huet awer d'Dammenéquipe vum CELTIC erreicht. Si hunn nämlich fir d'éischte Kéier um eewichten Niveau den Double Championnat a Coupe réaliséiert, ech weess net ob schonn eng aner Dikricher Équipe déi Performance faérdig bruecht huet.

Um gudder Wee fir an e puer Joer och esou een Double ganz uewen ze errechen ass d'Cadetteséquipe vum Handball déi an hierer Altersklass am Championnat an an der Coupe déi Bescht waren.

Eppes extrem Positives ass awer och datt de gréisten Deel vun eise Sportifs méritants Jonker sinn, an dat verspricht fir d'Zukunft.

Erfreulich ass och datt 2009 op villen aneren Niveauen eng Dikricher Equipe mat am Coup fir eng éischte Plaz an hirer Divisioun resp. Altersklass waren.

Dann zum Schluss nach eng Kéier zréck bei de Bénévolat. Ech hunn eech jo scho gesot wéi wichtig de Bénévolat fir eis Veräiner an hir Sportler ass. Entschëllegt mä d'Situatioun bleift eecht.

Mir begréissen all Beméiung déi gemaach gëtt fir dem Bénévolat am Sport ze hellefen.

De Sportsministère huet eng Aktioun iwer d'Fédérations gestart, fir een Bénévole de l'année ze bestëmmen, ze éieren an ze belounen. Och mat engem Don u säi Veräin. Wee weess, vläicht kann Dikrich d'nächst Joer een éieren, deen an deem Challenge an der Finale war.

Wann och de COSL 62 Fédérations huet, an et domadden maximal dann och 62 Kandidaten-Nominatiounen gëtt, ass dat ee schwindent klengen Deel vun der ganz grousser Zuel vu Bénévolen, ouni déi all eis Sportlich Visiounen an Aktivitéten net kënnen bestoen.

Och d'Méiglechkeet vun enger finanzieller Ënnerstëtzung iwvver d'Chèque Services ass eng flott Offer vum Sportsministère aus, wou ech awer faärten, datt déi Erwaardungen déi munchere mengt kënnen doranner ze hunn, am Endeffekt, wat de Bénévolat ugeet kaum wäerten erfëllt ginn. De gréissten Deel vun eise Veräiner wärd do net am Coup sinn.

Mir brauchen Veräiner déi um Niveau vum Bénévolat funktionnéieren. An dofir verst mir d'Welt nët méi wann ee kuckt wat da parallel zu deene Beméiungen hei virdrun als Gesetzesprojet um Dësch läit fir d'Reform vun den Asbl.

Ech well hei lo keen Exposé iwert datt Gesetz maachen.

Entschëllegt wann ech datt hei op enger Feier fir eis Sportler esou direkt uschneiden. Mee et geet em d'Iwerleewe vun eise Veräinsorganismen.

Während Joeren ass ëmmer ërem den Opruff un d'Veräiner gaang sich als asbl ze konstituieren.

Mat Hibleck op d'Transparenz vun hirer Gestiou, gëtt a lester Zäit dann och scho vun de Gemenge verlaangt datt ee Veräin eng asbl ass wann e subsidarisch wëllt ënnerstëtzt ginn.

Ech molen hei net einfach den Deiwel un d'Mauer. Et brauch een awer nëmmen an der Press z.B. den Artikel vun der UGDA hirer Generalversammlung, ze lesen, fir ze gesinn wéi grouss

d'Angscht och bei de Veräiner vum musikalische Volet ass.

Domatt vun hei aus un eis Volléksvertrieeder, eis Deputéierten an der Chamber, Hëlleft eisen, Aere Veräiner, datt dat Gesetz esou nët gestëmmt gëtt, mee esou reforméiert gëtt datt eppes méi Positives fir eis Veräiner an domadder fir ee gesond Ëmfeld fir eis Sportler derbäi erauskënnt.

Ech wënsche eis an Eech, datt mir zesummen d'Problemer déi do sinn upaken a léisen: Dir léiw Sportler,

duerch Aeren Training an Aer Performancen, mir duerch ee gudden Encadrement, datt d'Jar 2010, dat Jar wu d'Stad Dikrich hire 750ten Anniversaire feiert och rëm ee méiglechst erfollgreicht gëtt an dat a méiglechst ville Sportarten. Ech soen Eech Merci.

**Auszuch aus dem President vun der «Entente des Sociétés Sportives Diekirch», Léi Moureaud sénger Ried zum Ulass vun der Diplomiwwereechung vun de «Sportifs Méritants» Promotioun 2009.**



# Cavalcade 2010



1. Praiss 750 – Jungen aus dem Schluechthaus



1. Praiss 750 – Jungen aus dem Schluechthaus



2. Praiss 750 – Philharmonie municipale Diekirch



2. Praiss 750 – Philharmonie municipale Diekirch



1. Praiss ESD Festween – KV Sinspelt



1. Praiss ESD Foussgruppen – Étoile du Cap Vert



1. Praiss ESD Foussgruppen – Étoile du Cap Vert



1. Praiss ESD Musikgruppen – LUMA Band

De Gebuertsdagspräis vun der Stad Diekirch hun d'Jungen aus dem Schluechthaus (500 €) fir hire Won mam Wirtgensschlass an di Diekircher Stadmusik (250 €) fir hire Won mat der Aler Kiirch mam krommen Daach kritt. Am 750-Jury waren 7,5 Lett: Jacques Dahm, Georges Majerus, Paul Keltesch, Monique Feidt, Carine Welter, Norbi Dostert, Jean Claude Bachstein a Georges Feiereisen.



Praiss vum Jury ESD – CDJ Angelsbiërg



# 50 Jar « Dikricher Solschlësselcher »

Chorale pour les jeunes et enfants



Optrëtt vun de Sollebutzen di mat flotte Kannerlidder de Publikum iwverascht hunn

En 1960 Jos Kinzé a crée une chorale de filles. Il était professeur de musique, organiste et compositeur de renom au Grand-Duché de Luxembourg. En 1995, suite à la dissolution des « Petits Chanteurs de Diekirch » les « Solschlësselcher » deviennent une chorale mixte.

La chorale a compté 3 chefs de chœur :  
1960 – 1987 : Jos Kinzé (\* 1918 +2003)  
1987 – 2005 : Marie-Pierre Fletcher-Schambourg  
2006 – aujourd'hui : Marc Dostert

La chorale est composée de deux groupes :  
la chorale pour enfants regroupant des enfants de l'école préscolaire et primaire, les « Sollebutzen » et la chorale de jeunes âgés de 12 à 30 ans. Le répertoire de la chorale comprend aussi bien des chansons populaires et traditionnelles, que des chansons du monde entier, allant de la musique sacrée à la musique moderne.

La chorale s'est produite entre autres, en Belgique, aux Pays-Bas, en Allemagne, en France, en Italie, en Autriche, au Portugal, aux USA (tournée en 2007), et partout le public a pu apprécier le talent des chanteurs.

Aujourd'hui les « Dikricher Solschlësselcher » fêtent leurs 50 ans et à cette occasion le CD « As Long As I Have Music », qui est disponible au prix de vente de 20,00 €, a été enregistré en septembre 2009 au Lycée Classique de Diekirch et en la Vieille Église St. Laurent à Diekirch.  
Joyeux Anniversaire !



Den Cd ass erhältech per Iwwerweisung vun 20 € op den folgende Kontonummer:  
CCPL IBAN LU34 1111 2512 5020 0000  
vun den Dikricher Solschlësselcher.



Di Dikricher Solschlësselcher hun hier eegen Jubileumsfeier musikalisch ënnermolt



Den aktuellen Dirigent vun de Sollebutzen an de Solschlësselcher, Marc Dostert hutt gewisen, dass een mat engem flotte musikalische Programm eis Jugend fir de Gesang begeeschtere kann.



Vill begeeschtert Nolauschterer wu een vill « al » Solschlësselcher rémerkannt hutt, waren op d'Geburtsdagsfeier vun « hire » Solle komm. Awer och Vertrieder aus dem Gemengerot mat un der Spëtzt dem Buergermeeschter Jacques Dahm waren an der Aler Seeërei dobei.



De Geburtsdagskuch gouf opgeschnitte vun der Madame Minister Marie-Josée JACOBS, dem Buergermeeschter Jacques DAHM an dem President vum Organisationskomitee dem Jean-Marie DILLMANN



## Faire Vielfalt in Diekirch

Ein Besuch im neuen « Weltbuttek Dikrech » ist wie eine kleine Weltreise. Hier gibt es das Beste aus dem Süden unserer Erdkugel: aromatische Hochlandkaffees, pikante Gewürze, den berühmten Basmati-Reis, modische Accessoires, schöne Geschenkartikel... Die Qualität der Produkte stimmt – und zugleich auch der Ansatz einer gerechteren Weltwirtschaftspolitik, die hier beispielhaft umgesetzt wird.

Für die 45 ehrenamtlichen Mitarbeiter im „Weltbuttek Dikrech“ und die zahlreichen Kunden ist es weit mehr als eine Frage des guten Geschmacks, die uns mit den Produzenten in Afrika, Asien und Lateinamerika verbinden sollte: Fairness im Handel.

### Am 14. April 2010 heißt es in Diekirch : Wetten, dass...

Im Rahmen des ersten "Fair Trade Kaffi Dag" am Mittwoch, den 14. April 2010 hat der "Weltbuttek Dikrech" mit dem Schöffenrat eine Wette abgeschlossen:

Wetten, dass wir am "Fair Trade Kaffi Dag" 750 Packungen des neuen fairen Jubiläumskaffees "La Burra" zur 750 Jahresfeier der Stadt Diekirch an diesem Tag verkaufen.

Natürlich kommt auch ein Wetteinsatz von beiden Seiten ins Spiel. Wenn der "Weltbuttek Dikrech" es nicht schafft, dann wird der gesamte Gemeinderat zu einem fairen Frühstück eingeladen. Gelingt es das Ziel zu erreichen, so hat der Schöffenrat sich engagiert an einem Nachmittag im Weltladen mitzuarbeiten im Einsatz für mehr Gerechtigkeit durch Fair Trade.

Lassen Sie sich überraschen wo Sie am 14. April überall in Diekirch den neuen 750er Jubiläumskaffee „La Burra“ erhalten. Oder kommen Sie in den Weltladen in Diekirch 4, place Joseph Bech, wo Sie diesen 100% Arabica Kaffee aus Mexiko nicht nur kaufen können, sondern auch an diesem Tag kostenlos probieren können.



Dikrich hutt vill ze bidden : den Häreberg, d'Gericht, den Dikricher Kolléisch, d'Hotelschull an eng Rei renomiert Sportsclubb. Donieft ginn et awer nach munch aner Grënn firwat mir Dikricher su houfrig sinn.

De Militärmusée, de nationalen Autosmusée, de Beiemusée a geschwën den Geschichtsmusée; d'Al Kiirch, di sëllich Betriber, Geschäfte a Restaurantë an de wonnerbare Park laanscht d'Sauer - hei uewen gëtt vill gebueden.

Mir freeën eis op äre Besuch.

[www.750.lu](http://www.750.lu)

## Taiko/Wadaiko – das traditionelle Trommeln

Ursprünglich aus China und Korea kommend, ist das traditionelle japanische Trommeln „Taiko“ (oder auch „Wadaiko“) eine Synthese aus „rhythm, power und spirit“. Taiko, auch noch Synonym der japanischen Trommel, begleitete die Menschen früher auf dem Schlachtfeld ebenso wie auf Festen. Das Trommeln konzentrierte alle Kräfte und beschwor die Götter mit donnernder Stimme. Tanaka Noboru stammt aus Aomori, studierte zunächst das Tsugaru-Shamisen, wechselte nach 15 Jahren zur Taiko und gründete 1997 die Gruppe Waraku-Kai-Sho. Die Gruppe besteht aus insgesamt mehr als 300 Mitgliedern im Raum Kawasaki, unterteilt in Untergruppen zu jeweils etwa 20 Trommlern.

Seit der Gründung der Taikogruppe streben die Künstler eine neue, nie zuvor da gewesene Wadaiko-Performance an. Mit außerordentlicher Präzision, Wucht und Ausdauer entlocken sie den Trommeln ungewöhnliche Töne und faszinieren so durch eine unvergessliche Mischung aus meditativem Trommeln, einer dynamischen Kampfkunst und einer minutiös aufeinander abgestimmten Choreografie. Die Gruppe Waraku-Kai-Sho wird am Sonntag, den 9. Mai 2010 um 18h30 exklusiv zum 750. Geburtstag der Stadt Diekirch ein Konzert in der „Al Seeërei“ geben. Der Eintritt ist frei! Reservierungen werden beim Gemeinde-sekretariat entgegen genommen (Tel.: 80 87 80-201).



## Girl's a Boys' Day

Den 22. April 2010



Och dëst Jar stellt d'Gemeng Dikrech Plätzen zur Verfügung, wéi z.B. an der Crèche, an der Maison Relais, am Conservatoire de Musique du Nord, dem Musée nationale de véhicules historiques, fir nëmmen e puer ze nennen. Fir weider Informatiounen kuckt op de site web [www.girls-day.lu](http://www.girls-day.lu) oder [www.boys-day.lu](http://www.boys-day.lu)

## Programme du CDAC

Ciné Club et séances spéciales au Ciné SCALA / 31, rue Jean l'Aveugle

05 & 06 avril 2010  
20.00



**BRIGHT STAR**  
USA 2009  
Romance  
Réalisateur:  
Jane Campion  
119 min – VO st. fr/nl.

19 & 20 avril 2010  
20.00



**TROUBLED WATER**  
Norvège, Suède,  
Allemagne 2009  
Drame  
Réalisateur: Erik Poppe  
115 min – VO st. fr/nl.

## Agenda Syndicat d'Initiative & Union Commerciale

### Avril

#### SA 03

- Concert Young Ambassadors Brass Band  
Place de la Libération / 15h00

### Mai

#### SA 29

- Marche de l'Armée  
(org.: Section Marche de l'Armée – [www.marche.lu](http://www.marche.lu))  
« Al Seeërei » / Départ à partir de 07h00
- Concert « Fanfare Concordia Eschdöerf »  
Place de la Libération / 11h00
- Concert « Ettelbrécker Strëpp »  
Place de la Libération / 14h00

#### DI 30



- Marche de l'Armée  
(org.: Section Marche de l'Armée – [www.marche.lu](http://www.marche.lu))  
« Al Seeërei » / Départ à partir de 07h00

### Juin

#### VE 04

- Braderie  
(org.: Union Commerciale Diekirch – [www.ucd.lu](http://www.ucd.lu))  
Diekirch / toute la journée



#### SA 05

- Braderie  
(org.: Union Commerciale Diekirch – [www.ucd.lu](http://www.ucd.lu))  
Diekirch / toute la journée
- Concert Nobbie Dixie Band  
Place de la Libération / 15h00
- Arrivée d'une étape du Tour de Luxembourg ([www.tdl.lu](http://www.tdl.lu))  
Centre sportif / vers 16h00

#### JE 17

- Parade Militaire ([www.armee.lu](http://www.armee.lu))  
Place Guillaume « Kluuster » / vers 10h00
- « Classics Open »  
Concert David Ianni, piano  
« Al Dikrich » / 18h30

#### JE 24

- « Classics Open »  
Concert Daniel Blumenthal,  
Carlo Jans, flute légère  
« Al Dikrich » / 18h30

### Juillet

#### JE 01

- « Classics Open »  
Concert Carine Forget, Katrin Reifenrath,  
Carlo Jans, opéras fantaisies  
« Al Dikrich » / 18h30

#### SA 03



- « Dikrich Live » & Porte ouverte  
CMNord  
Concerts et animation  
([www.diekirch.lu](http://www.diekirch.lu))  
Zone piétonne à Diekirch / à partir de 11h30



- Randonnée guidée gratuite  
avec surprise  
(org.: Dikricher Amicale Iwwer Bierg  
an Dall)  
Départ Place Guillaume « Kluuster » /  
14h00

#### SA 03/07 – DI 22/08



- Diekirch Plage ([www.diekirch.lu](http://www.diekirch.lu))  
Plage derrière la piscine municipale  
à Diekirch  
tous les jours



## DI 04



- Journée de la Police et de l'Armée (www.armee.lu / www.police.lu) Manifestations, démonstrations, concerts  
*Diekirch / toute la journée*

## LU 05

- Concert Philharmonie Municipale Diekirch  
*Place de la Libération / 20h00*

## JE 08/07 – MA 13/07



- Fête populaire « Al Dikkrich » (org.: Amis du Vieux Diekirch) concerts, animation, musique d'ambiance, restauration  
*« Al Dikkrich » / tous les jours*

## SA 10

- Randonnée guidée gratuite avec surprise (org.: Dikricher Amicale Iwwer Bierg an Dall)  
*Départ Place Guillaume « Kluuster » / 10h00 (avec voiture)*

## ME 14

- Concert Fanfare Concordia Erpeldange  
*Place de la Libération / 20h00*

## JE 15

- Animation pour enfants  
*Place de la Libération / 15h00 – 17h00*
- Soirée gourmande (Menu: Rôti de porc, pommes de terre au lard, petits pois et carottes)  
Concert Pol & Rosch  
*Camping de la Sûre / à partir de 18h00*

## VE 16

- Concert Jazzbreeze  
*Place de la Libération / 20h00*

## SA 17



- « Dikrich rockt am Park » (www.diekirch.lu)  
*Parc Municipal / à partir de 17h00*
- Randonnée guidée gratuite avec surprise (org.: Dikricher Amicale Iwwer Bierg an Dall)  
*Départ Place Guillaume « Kluuster » / 14h00*

## DI 18



- « Special Kid's Day » (www.diekirch.lu)  
*Parc Municipal / à partir de 11h30*

## LU 19

- Concert Fade to Gray  
*Place de la Libération / 20h00*

## MA 20

- « Parkfest » (www.diekirch.lu)  
Restauration, concert et feu d'artifice  
*Parc Municipal / à partir de 19h00*

## ME 21

- Concert Fanfare Feulen  
*Place de la Libération / 20h00*

## JE 22

- Animation pour enfants  
*Place de la Libération / 15h00 – 17h00*

- Soirée gourmande (Menu: Emincée de volaille, purée, salade verte)  
Concert René & Serge  
*Camping de la Sûre / 18h00*

## VE 23/07 – DI 01/08

- Forum International pour flûte et piano (www.carlojans.com)  
*Diekirch*

## VE 23

- Concert d'ouverture du Forum International pour flûte et piano  
*Vieille Eglise St. Laurent / 20h00*

## SA 24

- Randonnée guidée gratuite avec surprise (org.: Dikricher Amicale Iwwer Bierg an Dall)  
*Départ Place Guillaume « Kluuster » / 10h00 (avec voiture)*

- Braderie (www.diekirch.lu)  
*Diekirch / 09h00 – 18h00*

- Concert Singers Unlimited  
*Place de la Libération / 15h00*

## DI 25

- Braderie (www.diekirch.lu)  
*Diekirch / 14h00 – 18h00*

- Concert Les Gavroches  
*Place de la Libération / 15h00*

## LU 26

- Concert Les Brasseurs  
*Place de la Libération / 20h00*

## MA 27

- Concert Right-Mix  
*Place de la Libération / 20h00*

## ME 28

- Concert Big Band Spectrum  
*Place de la Libération / 20h00*

## JE 29

- Animation pour enfants  
*Place de la Libération / 15h00 – 17h00*

- Elvis Presley Live Tribute Show  
*Place de la Libération / 20h00*

## VE 30

- Concert Little John and the Cadillacs  
*Place de la Libération / 20h00*

## SA 31

- Randonnée guidée gratuite avec surprise (org.: Dikricher Amicale Iwwer Bierg an Dall)  
*Départ Place Guillaume « Kluuster » / 14h00*

- Taekwondo, Taibo, Close Combat, Street Fighting  
*Place de la Libération / 15h00*

**MUSICAL**

**LOVE@MUSIC**

**ROCK-OPER**

9.+10. ABRELL 2010 UM 20H  
11. ABRELL 2010 UM 17H

**PMD**  
IN CONCERT

SPORTSHAL AM NEIE GEBAI VUM DIKRICHER KOLLEISCH

Régie: Francine Keiser · Geschichte: Monique Dahm · Musik: Luc Rodenmacher · Text: Franz Brachner

www.luxembourgticket.lu      www.pmd.lu

RTL   Foyer   TELECRAN   LD   MUSIKFRONT   express

Sous le haut patronnage de la Ville de Diekirch



ALOYSE DAVID

# das Handwerk in Diekirch

EINE AUFLISTUNG DIEKIRCHER HANDWERKER VOM 16. JAHRHUNDERT BIS HEUTE

E Buch mat ongeféier 500 Säiten iwer d'Handwerk kënt demnächst eraus. Et beschreiw t wéi s'ich déi éenzel Berufstänn bis haut entwéckelt hun. Ausserdem fannt dir eng Lëscht vun dikircher Handwerkerfamilljen vum 16. Jorhonnert bis Haut. Déi méeschten Ennerlaagen kommen aus dem Gemengenarchiv vun der Stad Diekirch a vu Privatleit. Weider Informationen zum Buch gin duerch e Rondschréiwten matgedéelt.

### Die Zünfte und Bruderschaften

... Um in die Zunft aufgenommen zu werden, mußte der Betreffende dem Amtsmeister den Nachweis erbringen, daß er sein Handwerk nach genau bestimmten, in Satzungen enthaltenen Regeln, erlernt habe, daß er katholischer und römischer Religion, von einer ehelichen Heirat geboren und als Bürger der Stadt angenommen sei. ...

### Früher

... Die Aufhebung der Leibeigenschaft wurde 1782 durch Kaiser Joseph II verordnet. Beim Umzug der Leibeigenen in die Nachbarortschaften gab es Schwierigkeiten mit den Personennamen, da auch dort die Bewohner nur einen Hausnamen hatten. Die Geistlichkeit, welche die Personenregister mit Angaben über die Geburten, die Heiraten und die Todesfälle führten, beschloß, jedem männlichen Umsiedler einen Familiennamen zu geben. Wer ein Handwerk ausübte, erhielt diese Bezeichnung als Familiennamen, z.B. Weber, Hutmacher, Schreiner usw. ...

## Nei Publikatioun



### Michael

Patron der Kaufleute, Bäcker, Wagenhersteller, Eicher, Apotheker, Sanitäter, Drechsler, Schneider, Glaser, Maler, ...

### Die Handwerker und das Feuerlöschwesen

... Der Bürgermeister ernennt einen Feuermeister und einige Helfer. Ersterer wird betraut mit der Sorge um das Material und die nötigen Ausbesserungen. Für den Posten eines Vorgesetzten sind vorzugsweise Maurer, Zimmerleute und Blechschmiede vorzuziehen. Die andern Helfer werden unter den andern Handwerksleuten ausgewählt. ...

### Auswanderung

... Der Steuerdruck und die wirtschaftliche Not verstimmen 1828 die Bevölkerung und verleiten viele Luxemburger zur Auswanderung nach Amerika. 1829 gab es eine Mißernte und eine Teuerung der Lebensmittel. In der Zeit von 1831 bis 1888 sind nach Gonner (Die Luxemburger in der neuen Welt) 29.700 Luxemburger nach den Vereinigten Staaten ausgewandert. ...

### Entstehung des Handwerksmeister-Vereins

... Im Jahre 1851 gründeten die Diekircher Handwerksmeister einen Unterstützungsverein mit folgenden Statuten aus 34 Artikel:  
Art. 1) Es hat sich ein Handwerkerverein gebildet für die Stadt Diekirch, unter dem Namen: Handwerker Unterstützungsverein.  
Art. 2) Der Zweck des Vereins ist: 1. Einigkeit und Freundschaft und gegenseitige Hülfe. 2. Unterstützungen der Arbeiter in Krankheiten und Unglücksfällen. 3. Die Errichtung eines Fonds zur Gründung von Pensionen. ...



**Wohnungsveränderung.**  
Diese wohnt gezeigtes Grundstück mit der Nummer 1000 in der Straße ...  
auf der ...  
J. Boehm-Weyer, ...

**Wintermuster-Kollektion.**  
Es gibt bei mir alle gezeigten Stoffe ...  
J. Boehm-Weyer, ...

**LEZARTS**  
NACHKOMMEN:  
• Anne \* 26.02.1928

**WYWER Louise**  
• 22.09.1963 Diekirch  
• 20.03.1999 Diekirch

**BOEHM Simon**  
Schweizer  
• 30.10.1774 Diekirch  
Sohn von ...

**BOEHM Catherine**  
Schweizerin  
• 20.06.1813 Diekirch  
• 21.08.1888 Diekirch  
Tochter von ...

**BOEHM Marie**  
• 20.04.1881  
• 19.08.1957  
• 06.02.1934  
• Marie \* 03.10.1906 \* 11.02.1984

**PALES Marguerite**  
• Diekirch, am 26.04.1887  
• 1938, 1937 Hoesch  
• 06.02.1934 Diekirch

**BOEHM Anne-Marie**  
• Diekirch, am 20.08.1925  
• 03.07.1924 Reisdorf  
• 11.10.1902 Diekirch

**BOEHM Catherine**  
• Suzanne \* 20.07.1923

### Opruff un d'Veräiner

D'Redaktiounsequipe vum Däiwelselter bied d'Veräiner, déi eng Manifestatioun ukënnige wëllen, hir dat sou fréi wéi méiglech matzedeelen op [daiwelselter@diekirch.lu](mailto:daiwelselter@diekirch.lu)  
Mir freeën eis och doriwwe Detailer a Fotoen vun traditionellen Evenementer, wéi Fester, Theaterowender, Konferenzen, asw. zur Zäit an Erënnerung ruffen ze kënnen.  
Mir soë scho Merci am Virus





[www.diekirch.lu](http://www.diekirch.lu)

